PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mëttelstand & Wirtschaft weiderzeleeden.

An hirer Äntwert vum 19ten Juni 2020 op eis parlamentaresch Fro n°2259 soten d'Ministeren:

> Wéi ee konkreten Impakt dës Kris awer wäert op de Secteur hunn, kann een zum aktuellen Zäitpunkt nach net kloer soen.

En halleft Joer méi spéit si mir ëmmer nach net duerch dës Kris erduerch, mee éischt Konsequenze vun de Restriktiounen aus de vergaangene Méint fänken un, sech ofzezeechnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Zeechent sech den Impakt vun dëser Kris op den HORECA-Secteur mëttlerweil méi däitlech of?
   - Falls jo, kënnt dir eis matdeelen, wéi d'Regierung den Impakt op dëse Secteur aschätzt?
   - Falls nee, wat sinn déi verschidde Krittären, déi benotzt ginn, fir d'Situatioun am HORECA-Secteur ze evaluéieren, a firwat ginn et aktuell nach keng Resultater?

2. Wéi vill Betriber aus dem HORECA-Secteur hu Chômage partiel fir de Mount Dezember ugefrot?
   Wéi vill Faillitte sinn aus dësem Secteur am Dezember 2020 gemellt ginn?

3. Wéi vill Firmen hunn zënter dem August 2020 eng Faillite deklaréiert a bei wéi ville Firme gouf zënter dem Ufank vun der Pandemie eng Faillite vum zoustännege Geriicht ausgesprach?
   Wéi hunn dës Zuele fir 2019 ausgesinn?

4. Wann een d'Zuele vun de gemellte Faillite am Zäitraum vun August bis Dezember 2020 mat dem selwechten Zäitraum am Joer 2019 vergläicht, wéi eng Secteure waren am

meeschte betraff?

5. Wéi vill nei Societéite goufe säit August 2020 gegrënnt?
   A wéi enge Secteure goufen dës Firme gegrënnt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député